



Numm : _____


Pist vum Baloo




Ech ka meng Adress
schreiwen.




Ech weess eppes iwwer
Kanner déi aus méi aarme
Länner kommen.




Ech weess eppes iwwert
aarm Kanner zu
Letzebuerg.




Ech probéieren ze
mierken, wéi et engem
anere Kand geet an ze
hëllefen, wann et dat wëll
(z.B. wann een traureg
ass, wann ee wëll a Rou
gelooss ginn, wann een
ausgeschloss gött, ...)




Ech ka beim Bilan meng
Meenung soen an
erklären, firwat ech eppes
gutt oder schlecht fonnt
hunn.




Ech weess vu wou
verschidden Iesssaachen
hierkommen a kennen och
Iesswueren aus menger
Region.




Ech bake mat menger
Sizaine Brout.




Ech weess wat fir eng
Liewensmittel sech laang
oder net laang halen a wéi
ee se versuergt.




Ech weess, dass et
verschidde Relioune gett.




Ech probéieren jiddereen
esou ze akzeptéieren wéi
en ass.




Ech versichen net de Geck
mat denen aneren ze
maachen.




Ech versichen e Sträit ze
léisen.




Ech kennen d'Liewe vun engem Mënsch, dee Guddes gemaach huet, a probéieren dat mat menger Sizaïne duerzestellen.



Ech versichen e Sträit ze léisen.




Ech deele mat aneren.



Ech probéieren e gudde Frenn fir anerer ze sinn.


Dës Schrëtt maachen ech eleng a weisen se duerno engem Chef.

Ech bereeden a menger Sizaïne e Spill, Lidd oder Sketch fir eng Veillée oder eng Versammlung vir.




1. Sich dir ee Lidd, Spill oder Sketch eraus.
2. Schwätz mat dengem/er Chef/taine of, wéini dass du an enger Veillée oder an enger Versammlung eppes mat denger Sizaïne opféiers.
3. Trainéier deng Saach mat denger Sizaïne.
4. Féier dat, wat s du mat denger Sizaïne ageprouft hues, op.

Ech kenne vu mengem Land verschidde Géigenden a Gebräicher.




1. Informéier dech iwwert Géigenden aus dem Land an hir Gebräicher (Bicher, Internet, ...).
2. Schwätz mat dengem Elteren iwwer dat, wat s du erausfonnt hues, a fro si, ob se net och esou Gebräicher kennen.
3. Erziel dengem/er Chef/taine, wat s du erausfonnt hues.

Ech weess eppes vun engem frieme Land ze erzielen.




1. Informéier dech iwwert e friemt Land (z.B. a Bicher, Internet, ...), wat dech interesséiert.
2. Kuck dir deng Informatiounen gutt un a probéier dir eng Rei wichteg Saachen ze mierken.
3. Erziel dengem/er Chef/taine, wa méiglech zesumme mat denger Sizaine, eppes iwwert dat friemt Land.

Ech weess wat fir Iesswuere gesond si fir mäi Kierper.




1. Pass während e puer Deeg op wat s du äss.
2. Informéier dech wat däi Kierper brauch a wat net.
3. Informéier dech a wat fir Iesswueren déi Saachen dra sinn.
4. Kontrolléier, ob s du genuch gesond Saachen äss, a schwätz mat dengem/er Chef/taine doriwwer.

Ech kenne verschidde Friichten aus Feld a Bësch.




1. Informéier dech (z.B. mat engem Bestëmmungsbuch) wat alles um Feld an am Bësch vu Friichte wiisst.
2. Mierk dir e puer vun deene Friichten a fann och eraus, wat een domadder maache kann.
3. Während engem Trëppeltour duerch d'Natur kanns du dengem/er Chef/taine an denger Sizaine erklären, wat s du iwwert déi Friichte weess. (Wann net, dann erziel dengem/er Chef/taine eng Kéier no der Versammlung eppes doriwwer).

Ech kann eppes fir/mat menger Sizaine kachen.



1. Fro deng Elteren, dass si dech eppes Einfaches kache léieren.
2. Trainéier dat eng Kéier doheim, fir 6-8 Persounen ze kachen.
3. Fro däin/deng Chef/taine um Week-End oder um Camp, fir eng Kéier fir deng Sizaine ze kachen, a fro och, ob déi néideg Zutaten do sinn.
4. Kach dann eppes fir deng Sizaine.

Ech kennen eng Geheimschrëft a kann engem anere se erklären.



1. Pass gutt op, wann dir an der Versammlung Geheimschrëfte léiert.
2. Probéier dir op mannst zwou verschidde Geheimschrëften ze mierken.
3. Géi eng Kéier no der Versammlung mat engem anere Wëllefche bei däi/deng Chef/taine a weis dann, dass du deem aneren eng Geheimschrëft erkläre kanns.